**Aféierung an der Mass : Abschied vum Romain Kremer (P. Josy Birsens)**

Mir hun eis haut zesumme fonnt an der Kiirch vu Kliäref fir Abschied ze huelen vun äisem Frënd Romain. Mam Christiane, hire Kanner a Kandskanner, mat der ganzer Famill, wëlle mir hien der Guttheet vun eiser Här uvertrauen. Vill ze fréi ass hien aus äiser Mëtt gerappt gin an zugläich war et eng Erléisung, datt säi Leidenswee net nach méi laang gedauert huet. Sou wëlle mir äis haut un ee gudden a léiwe Mënsch erënneren an äis géigesäiteg Kraaft an Trouscht gin, besonnesch Eech, der Famill, déi him sou vill bedeit huet!

De Romain ass zu Ëlwen grouss gin, et kënnt ee souguer bal soen, hee wir zweemol do gebuer gin. Fir d'éischt als Kand vu sengen Elteren a Brudder vu senger Schwëster Josiane, als Jugendlechen a jonken Erwuessenen, deen d'Liewen ze genéisse wosst an a ville Veräiner aktiv war. Hien huet säi Liewen deemools als Steierbeamte verdéngt.
An déi 2. Kéier, eng nei Gebuert, bal wéi de Jesus dem Nikodemus gesot huet, hee misst nei gebuer gin, no engem schwéieren Autos-Accident, wou de Romain an der Kiirch vun Ëlwen ënnert dem grousse Kräiz eng nei Orientéierung fir säi Liewe fonnt huet. Ugesprach vun enger Annonce an der Zeitung, déi no Katechete gesicht huet, huet heen sech gesot, dat kënnt nawell eppes fir hee sin, deen esou frou mat Kanner war. Fir déi meescht vun äis, déi heen a senge chrëschtlechen Engagementer kannt hun, schéngt dat op der Hand ze leien, mee et war fir seng Famill deemools schwéier no ze vollzéien an ze acceptéieren! Säi Liewen hätt sou eng total aner Spuer kënnen huelen!

D'Ausbildung als Katechet huet dem Romain eng ganz nei Welt opgemaach, mat ville neien Entdeckungen. No där Formatioun huet heen sech mam Jacqueline Pletschette bestuet a sie kruten 3 Kanner, de Jacques, d'Michèle an d'Tessy. Mee d'Jacqueline ass scho jonk gestuerwen an de Romain huet sech mat deenen 3 klenge Kanner aleng erëmfonnt, wat ee schlëmme Schicksalschlag fir sie all war!
1986 huet heen sech mam Christiane bestuet an esou un deem wichtigste roude Fuedem vu sengem Liewen, der Famill weider gesponnen. Duerch d'Christiane ass hee schlagarteg an eng grouss Famill mat era komm, wou ën sech ganz wuel gespuert huet, an déi sie nach mat zwee weidere Kanner beschenkt hun, d'Lisa an de Fränz.

Datt sie sech all bis haut immens gutt matenee verstin, war sécher fir heen eng vu senge gréisste Freeden! Ouni vu sengem Gléck als Grousspapp ze schwätzen, wann hee mat sengen 10 Enkelkanner déi verréckste Spiller gemeet a sech mat hinnen amuséiert huet.

Mam Christiane huet de Romain och d'CVX entdeckt an sie hun zu zwee do eng nei Heemecht fonnt fir hire Glawen. Doraus ass och ee konkret Engagement mat Flüchtlingen erwuess, fir déi de Romain an d'Christiane sech während Jorzéngten privat agesat hun.

Een anere roude Fuedem am Romain sengem Liewe waren d'Scouten. Hee war ee vun de Grënner vum Grupp Saint Benoît hei zu Kliäref, laang Jore Gruppechef, a spéider Aumônier spirituel op Landesebene. Mee doriwwer loossen ech elo gläich de Frère Henri erzielen, dee vill Stonnen mat dem Romain am Grupp Saint-Benoît gedeelt huet.

Dem Romain säi berufleche Wee huet heen nom Reliounsunterricht an der Primärschoul an d'Jugendpastoral gefouert, wou hee seng laangjähreg Erfahrunge mat de Scouten gutt konnt abréngen. Déi läscht 15 Jore war hee schliesslech mat Häerz a Séil Aumônier am Prisong, wouriwwer seng Kollegin, d'Dominique von Leipzig geschwënn e puer Wuert seet.

Mais je tiens à souhaiter aussi la bienvenue à nos amis d'expression française qui ont parfois fait un long trajet pour honorer la mémoire de Romain. Merci d'être venus partager notre peine et la vôtre! Vous devrez vous armer un peu de patience, quand nous parlerons notre langue natale, mais nous tâcherons de ne pas vous oublier!
Ech wëll och nach betounen, datt jiddereen heibannen seng Plaz huet, egal wat seng perséinlech Iwwerzeejunge sin. Jiddereen ass wëllkomm, et ass d'Frëndschaft vum Romain an d'Trauer iwwert säi Leidenswee a säi Fortgoen, déi eis vereenen an enger grousser Famill! A mir wëllen dofir dës Mass betount einfach gestalten, sou datt jiddereen seng Plaz doranner fanne kann, wat sécher ganz am Romain sengem Sënn war.

An domatt wëll ech dem Fr. Henri, dann dem Dominique von Leipzig an dem Marie-Christine Ries d'Wuert iwwergin.